

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2026

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gläichheet tëscht Geschlechter an Diversitéit weiderzeleeden.**

Den 13ten Oktober 2026 huet d'Tageblatt iwwer e Futtballspiller bericht, dee weibleche Fans aus reliéise Grënn den Handschlag verweigert huet.

Schonn a menger parlamentarescher Fro n°4173 vun 2021 hat ech d'Diskriminéierung vu Fraen am reliéise Kontext thematiséiert.

Dëse Fall werft op en Neits d'Fro op, wéi Reliounsfräiheet, perséinlech Selbstbestëmmung an d'Gläichberechtigung vu Fraen a Männer an anere Geschlechter am Alldag matenee vereinbart ginn. Et stellt sech och d'Fro vum Zesummeliewen vu verschiddene Kulturen a Glawensgemeinschaften hei am Land.

D'Verfassung gesäit ausdrécklech vir, datt de Staat den Ofbau vun Hindernisser fir d'Gläichberechtigung aktiv fërdert.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gesäit d'Regierung eng Verschlechterung duerch d'Erakommen vu Reliounen, déi fundamental Wäerter an eiser Gesellschaft net deelen?
  - Falls nee. wei erkläert si dee rezente Virfall Fraen dann déi Virfäll erklären?
  - Falls jo, wéi eng Moosname plangt d'Regierung, fir reliéis begrënnter Diskriminéierung vu Fraen an anere Geschlechter entgéintzewierken?
2. Wéi ginn d'Fraerechter an de Programmer fir Integratioun an Zesummeliewe vermëttelt?



Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Deputéierten

